# LDF - Info

Fir den Erhalt vum lëtzebuerger Bauierwen


## Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun (LDF)

Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun a.s.b.l.

c/o André Kirsch
30, rte de Luxembourg
L- 6210 Consdorf

RCS Luxembourg: F12808

siège: Luxembourg-Ville

web: www.ldf.lu

email: info@ldf.lu


IBAN: LU23 0019 5855 4712 3000

BIC: BCEELULL

stéierlech ofsetzbar Don'en sin iwwert d'**FOCUNA** méigelech

IBAN: LU24 0019 4655 0203 7000

BIC: BCEELULL

bénéficiaire:

Fonds culturel national

Betrëff: **"2021/110 LDF"**

Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun LDF

Editioun: LDF_Info_2022-01

©LDF 2022

## Organisatiounen wou kierzlech bei der LDF Member gi sin:

Frënn vun der Festungsgeschicht Lëtzebuerg

Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch

Viichter a Mäerzeger Geschichtsfrënn

Amis du Château d'Aspelt

Geschichtsfrënn aus der Gemeng Beetebuerg

# Eise President huet d'Wuert


D'Pressioun op daat gebauten Ierwen zu Lëtzebuerg ass onverännert grouss. Vill wertvoll Bausubstanz gëtt daagdeeglech hei zu Lëtzebuerg zerstéiert. Et brauch een sech nëmmen d'Artikelen an der Presse unzekucken mee och déi sëllech Interventiounen déi d'Zivilgesellschaft op den sozialen Réseau'en all Daag vun der Woch publizéieren.

Mer wéilten nacheemol rappeléieren, daat aus Aktualitéitsgrënn, datt et 2 legal Reegelwierker gett hei zu Lëtzebuerg déi daat gebauten Ierwen sollen verdeedegen. Daat sin eemol d'Gesetz
- iwert den aménagement communal et le développement urbain, mat den Réglementer vum 28.07.2011 wou d'Contenuen vun der Etude préparatoire an vun den PAG'en festgeluecht sin,
- vum 25. Februar 2022 waat d'Gesetz vun 1983 réforméiert : Loi du 25 février 2022 relative au patrimoine culturel.

Zum 1. legalen Reegelwierk : den puissanten Outil PAG.
Ech zittéieren bei dëser Gelegenheet aus der Brochure La protection du patrimoine architectural par les plans d'aménagement généraux (éditéiert vum SSMN/INPA):
*"Afin qu'une protection cohérente et conséquente puisse être instituée, au profit de tout le patrimoine bâti, dont celui qui a une importance surtout au niveau communal et local, l'inventaire du patrimoine bâti digne de protection est en phase d'être réalisé pour tout le Grand-Duché. Cette opération de repérage et de documentation du patrimoine bâti se fait par les communes, ensemble avec le Service des sites et monuments nationaux (INPA). Les résultats de ce travail doivent faire partie intégrante de l'étude préparatoire devant précéder les nouveaux plans d'aménagements généraux des communes."*

## d’LDF op Facebook

d?LDF ass elo och op Facebook mat enger Säit vertrueden.




## 16 Member-Organisatiounen

Amis du Château d’Aspelt

Biergerinitiativ Gemeng Kielen

Biergerinitiativ Gemeng Wäiswampich

Biergerinitiativ Quo vadis Käerch

Comité Alstad

Frënn vun der Festungsgeschicht Lëtzebuerg

Geschichtsfrënn aus der Gemeng Beetebuerg

Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch

Industriekultur-CNCI

Lampertsbierger Geschichtsfrënn

Les amis du Prieuré d’Useldange

Mouvement Patrimonial

Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall

Sauvegarde du Patrimoine

Syndicat d'Intérêts Locaux Pfaffenthal-Siechenhof

Viichter a Mäerzeger Geschichtsfrënn

Ass äer Organisatioun och interesséiert fir bei der LDF Member ze gin?
Da mellt iech wgl. fir méi Detailer.
email: info@ldf.lu

Dësst sin kloer Wieder. Mee d’Resultat um Terrain ass en aanert, op mannst a villen Gemengen hei am Land.
Iwert 10 Joër laang huet den INPA (virdrun SSMN genannt) d’Gemengen begleed fir hieren Patrimoine bâti ze erkennen fir en dann och ze erhaalen - dësst bei iwer 600 Begehungen.

Résultat des courses : fir 70 Gemengen (vun 102) sin 21.197 Gebeier erkannt gin als “Construction à conserver”. Déi 70 concernéiert Gemengen hun der 15691 zréckbehaalen : daat sin ronn 74%. Waat ass dann elo awer mat den 26% déi net zréckbehaalen goufen vun den Schäffen- an Gemengenréid? Opgronn vun waat fir engen Kritären w.e.g.? Et handelt sech ëmmerhin ëm 5.506 Gebeier! D’Proprietären vun desen 5.506 Gebeier hunn och keen Recht ob irgendwelch finanziell Hëllef vum Kulturministär. Eng Hëllef vun bis zu 25% ob Restauratiounsaarbechten. Sin sech verschidden Gemengenpäpp därs net bewosst ? Och freet sech d'LDF wéi sie dësen betraffenen Proprietären wellen erklären datt se keen Recht op déi Subsiden vum Kulturministär hun. Ob desen Problem gouf esouguer an der Presse rezent ëffentlech higewisen.

An och hun mer Gemengen déi desen gesetzlechen Optraag net sériö huelen well sie manner wéi 60% vun dem INPA als erhaalenswerten Gebeier erkannt, an hierem PAG zréckbehaalen : Woltz, Walfer, Strossen, Stadtbredimus, Schëffleng, Suessem, Réimech, Péiteng, Mertert, Miersch, Leideleng, Kielen, Kliärref. A wéivill sollen der nach nokommen wou d’gebauten Ierwen net genuch protégéiert wärt gin (et feelen nach ëmmer 32 Gemengen wou keng öffentlech zougänglech Donneen bestin (https://inpa.public.lu/fr/patrimoine/patrimoine_bati_PAG.html) ?

Am Gesetz vun 2004 iwert den aménagement communal et le développement urbain, fannen mer am Art 2. Objectifs: *“L'aménagement communal et le développement urbain ont pour objectifs d'assurer à la population de la commune des conditions de vie optimales par une mise en valeur harmonieuse et un développement durable de toutes les parties du territoire communal, … (d) le respect du patrimoine culturel et naturel national et local lors de la poursuite des objectifs définis ci-dessus.”*

Ausserdem steet am RGD vum 28.11.2011, Art 33 (Section 4 - Les zones superposées): Secteurs protégés d’intérêt communal :
*“On distingue les secteurs protégés de type «environnement construit» … les parties du territoire communal qui comprennent des immeubles ou parties d’immeubles dignes de protection et qui répondent à un ou plusieurs des critères suivants :*
*authenticité de la substance bâtie, de son aménagement, rareté, exemplarité du type de bâtiment, importance architecturale, témoignage de l’immeuble pour l’histoire nationale, locale, sociale, politique, religieuse, militaire, technique ou industrielle.”*

Ass dach kloer, oder net? An obwuel et kloer ass, gin all Daag Heiser ôfgerappt am Land déi awer erkannt goufen als erhaalenswert um kommunalen Plang. Et gin kloer Kritären fir se ze identifiéieren. An awer gett dësst um kommunalen Plang oft ignoréiert.

Dësen Détail ass net onwichteg wann mer dann vun dem aaneren, wichtegen legalen Reegelwierk schwätzen : d’Gesetz vum 25. Februar 2022 - relative au patrimoine culturel.
Hei gin et vill a gudd Neierungen, ausserdem gin et eng ganz Rei Reglementer déi zäitgläich mam Gesetz publizéiert goufen.

Wichtegen allgemengen Aspekt : d’Gesetz këmmert sech ëm den architektoneschen Ierwen, mee och ëm den archéologeschen an deen immatériellen.

Am 3. Kapitel (art. 23) iwert den Patrimoine architectural stin dann och d'Kritären (15) opgelëscht déi därfen considéréiert gin fir e Gebei als patrimoine culturel national ze klasséieren :
- et muss virun allem authentesch sin

Dann gëllen ausserdeem dëss 14 weider Kritären :
1° Histoire de l'architecture, de l'art ou de l'ingénierie
2° Genre
3° Typologie
4° Rareté
5° Période de réalisation
6° Histoire industrielle, artisanale, économique ou scientifique
7° Lieu de mémoire
8° Histoire politique et institutionnelle, nationale ou européenne
9° Histoire militaire
10° Histoire sociale ou des cultes
11° Oeuvre architecturale, artistique ou technique
12° Typicité du lieu ou du paysage
13° Histoire locale, de l'habitat ou de l'urbanisation
14° Évolution et développement des objets et sites

Mir gesin datt bei béiden gesetzlechen Logiken änlech Kritären benotzt gin. Dësst ass transparent an novollzéibar fir all déi concernéiert Persounen an Institutiounen.

Eng weider interessant Neierung am Gesetz vum 25.02.2022 ass de fait dass fir all "construction à conserver" am PAG den Kulturminister muss informéiert gin bei Transformatiounen/Démolitiounen. Et gett also en direkten Lien zwëschent den 2 Legislatiounen hei geschaaft.

De Problem: waan awer elo eng Gemeng net vill zréckbehaalen huet als "construction à conserver", esou wéi desst schons beschriwen gouf, dann fonktionnéiert den "filet de sécurité" net.

Weiderhin gesäit daat neit Gesetz fir, datt et opgronn vun wëssenschaftlechen Inventairen fir all Gemeng, wärten an Zukunft "secteurs protégés d'intérêt national" gin. Fir all Gemeng gett dann en Règlement Grand-Ducal geholl wou dann de gesamten patrimoine architectural d'intérêt national dran ass.

De Problem hei: d'Vitesse mat där dëss Inventären ofgeschloss kënnen gin.

Alleng déi 2 beschriwen "Schwächten" am System wärt dozou féieren datt och nach an Zukunft vill erhaalenswert Baukultur einfach geschluecht wärt gin - mat der Konsequenz datt mer vill Liewensqualitéit wärten verléieren. Verantwortlech ass aanescht.

Mir kënnen awer och konkret hëllefen mat all den verschiddenen Aktiounen déi d'Zivilgesellschaft schons gestämmt huet an wärt.

Eng dobäi ass datt d'asbl'en jo iwert daat neit Gesetz och kloer d'Recht hun eng Demande de protection ze machen.

Am Artikel 18 steet:
"Une demande de protection peut être adressée au ministre par:
1° les propriétaires d'un bien immeuble relevant du patrimoine archéologique;
2° la commune sur le territoire de laquelle le bien immeuble est situé;
3° une association sans but lucratif qui a pour objet social la sauvegarde du patrimoine culturel;
4° tout particulier;
5° la commission."

An deem Sënn kann d'Zivilgesellschaft sech elo nach besser asetzen andeems sie Protectiounen ufreet do wou et noutwänneg erschéngt.

D'LDF wärt dofir och en Template zur Verfügung stellen, zesummen mat e puer aaner Informatiounen an Uleedungen, mee och e Fallbeispill.

D'Conclusioun bleift nach ëmmer:
Mir verléieren an engem onverantwortlechen Tempo eist Bauierwen an daat muss elo ophéieren.

Paul Ewen, LDF President



# LDF Member-Organisatiounen

Des Rubrik stellt iech déi Organisatiounen vir, wou bei der LDF Member sin.
An dëser Editioun kommen als éischt déi 6 Grënnungsmemberen vun der LDF un d'Rei.

**Biergerinitiativ Gemeng Kielen**
besteet seit 2017

D'ASBL setzt sech fir daat architektonescht an natierlecht Ierwen an der Gemeng Kielen an. Sie fuerdert d'Erhalen vun dene Gebaier déi vun SSMN als schützenswert définéiert goufen, den Schutz vum klenge Patrimoine um kommunale Niveau daat via den PAG, d'Erhalen vun den Duerfkären an dem Respekt vun enger gewësser Baukultur, den Schutz vun der natierlecher Ëmwelt an der Biodiversitéit, d'Kreatioun vun Erhuelungszonen bannent den Uertschaften.

URL: www.facebook.com/Kehlenpatrimoinerural

**Sauvegarde du Patrimoine**
besteet seit 2012

"Mir setzen ons fir den Erhalt vun historescher Bausubstanz an. Dobäi ënnerhuele mir folgend Aktivitéiten:

- Mir bréngen Handwierker aus der ganzer Groussregioun zesummen, déi Erfarung mat der Restauratioun vun denkmalgeschützten Haiser hunn,

-Mir sensibiliséieren d'Bierger*innen duerch Evenementer oder Publikatiounen, wéi z.B. ons Fachbuchserie „Monumentum“,

-Mir schaffen un den neie Lëtzebuerger Denkmalschutzgesetz mat,

-Mir weisen op ëffentlech Mëssstänn an potenziell Ofrappgeforen vun wäertvoll Bausubstanz oder bei tatsächlech Ofrësser op.”

URL: www.sauvegardedupatrimoine.lu

**Comité Alstad**
besteet seit 1937/2006

De "Comité-Alstad a.s.b.l.", 1937 gegrënnt a mat Sëtz um Fëschmaart an der Alstad këmmert sech ëm d'Erhale vum historeschen, urbanen a kulturelle Charakter vun der Lëtzebuerger Alstad.

An deem Sënn setzt en sech an fir eng Revaloriséirung vun der existéiernder Architektur a fir hier fachgerecht Restauréierung, esou wéi fir d'kulturell Beliewung vun der Alstad.

URL: www.comitealstad.lu

**Lampertsbierger Geschichtsfrënn**
besteet seit 2007

De Veräin vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn gouf am Joer 2007 gegrënnt fir d'Vergaangenheet vun dësem Stater Véirel ze ënnersichen an opzeschaffen.

D'Asbl setz sech och konsequent fir d'Erhale vum architektonesche Patrimoine vum Quartier an, a konnt zum Beispill verhënneren datt déi fréier Spillschoul, d'Haus vun de Rousenziichter Bourg-Gemen, ofgerappt gouf.

URL: http://lampfrenn.lu

**Mouvement Patrimonial**
besteet seit 2018

-Erstellen an Uwennen vun wëssenschaftlechen Kritären bei der Ënner-Schutzstellung,

-Erstellen vun engem wëssenschaftlechen Inventaire,

-Erhalt ass vun ëffentlechem an allgemengem Notzen,

-Koordinatioun oder Fusioun vun den legalen Instrumenter op kommunalem an nationalem Niveau,

-Kreatioun vun engem “Fonds du Patrimoine”,

-Unerkennung vun dem ekonomeschen an touristeschen Notzen,

-Integratioun vun der Wëssensvermëttlung an den Schoulprogramm,

-Ëmsetzung vun den Recommandatiounen aus den internationalen Konventiounen (Grenade, Venise, Florence).

URL: www.mouvement-patrimonial.lu

**Biergerinitiativ Quo vadis Käerch**
besteet seit 2009

D'Biergerinitiativ Quo vadis Käerch as eng asbl déi sech fir den Erhalt vum historesche Patrimoine asetzt, wéi z.B. erhalenswert al Haiser.

Aner Aktivitéite sin historesch Publikatiounen, Ausstellungen a Konferenzen. Dozou gehéiert Sammele vu lokalhistoreschem Material wéi Fotoën, Dokumenter, awer och Festhale vun Erënnerungen vun eelere Leit. Visite guideéën fir d'Nokomme vun amerikaneschen Auswanderer gin ugebueden.

URL: www.quovadis.lu

## Conseil d'Administration

De Conseil d'administration vun der LDF huet fir déi nächst 2 Joer net geännert. D'Zesummesetzung and d'Chargen fir d'Joren **2022 - 2024** bleiwen demno:

**Paul Ewen** **President**
(Mouvement Patrimonial)

**Anicet Schmit** **Vizepresident**
(Lampertsbierger Geschichtsfrënn)

**André Kirsch** **Sekretär**
(Comité Alstad)

**Jerôme Reuter** **Tresorier**
(Biergerinitiativ Gemeng Kielen)

**Jean-Claude Thies** **Sekretär adj.**
(Biergerinitiativ Quo vadis Käerch)

**Jorge Simoes** **Member**
(Sauvegarde du Patrimoine)




Denkmalschutz ist unser Dank an die Vergangenheit, die Freude an der Gegenwart und unser Geschenk an die Zukunft.

Gottfried Kiesow, Deutsche Stiftung Denkmalschutz

# Entrevue mat der Mme Kulturminister Sam Tanson

Am Oktober 2021 hat de Conseil vun der LDF eng Entrevue mat der Mme Kulturminister Sam Tanson zesummen mat e puer Fonctionnairën an dem Direkter vum Service des Sites et Monuments nationaux. (haut INPA).

Et ass drems gangen de Leit aus dem Ministère d'LDF virzestellen an e puer Themen unzeschwetzen.

Gespreicher hu folgend Punkte betraff: Schutz vum "demandeur de classement"; Focuna; Cosimo (haut COPAC) Rapporten; classement sectoriel an de PAG'en; Afloss vum Kulturministère bei "schlechten" PAG'en; critères de classement; dat neit Denkmalschutzgesetz an de statut d'utilité publique fir d'LDF.

Och wann et eng relativ kuerz Entrevue war, esou sin dach awer vill Punkten behandelt gin.

# ldf.lu/demarchen

Ënner desem neien Tab op eiser Internetsäit fann dir all Informatiounen wann äer Organisatioun eng "demande de classement" fir en architektoneschen Objet wëll un de Kulturministère schécken. Eng Virlag (template) am *docx* kann erofgeluede gin a mat äeren Donnéën verfollstännegt gin.

Och sin op deser Säit d'Critèren fir e Classement ze fannen wéi och d'Gesetzestexter an d'Règlementer.

E link féiert och op déi aktuell Lëscht mat der "Liste des immeubles et objets bénéficiant d'une protection nationale" vum INPA

Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun LDF